# Informatiounsschreiwes zum Fuerschungsprojet „Variatiounslinguistesch Ënnersichungen zur Lëtzebuerger Jugendsprooch. Eng Analys vu Gebrauchsstrukturen a Messenger-Interaktiounen“

**Är Uspriechpartner*inne fir Froen**
**Melissa Mujkić**
Doktorandin
Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft
Universitéit Lëtzebuerg
Tel.: +352 46 66 44 4700 E-Mail: melissa.mujkic@uni.lu

Prof. Dr. Peter Gilles
Professer a Betreier
Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft
Universitéit Lëtzebuerg
Tel.: +352 46 66 44 6383 E-Mail: peter.gilles@uni.lu

Léiwe*Léift Participant*e,

fir meng wëssenschaftlech Etüd op der Universitéit Lëtzebuerg wëll ech Iech ëm Är Ënnerstëtzung bieden, déi grondleeënd ass, fir d'Lëtzebuerger Jugendsprooch ze erfuerschen. Mat Ärer Participatioun ënnerstëtzt Dir d'wëssenschaftlech Fuerschung an deem Sënn, dass der linguistescher Jugendsproochfuerschung zu Lëtzebuerg wichteg Impulser verdeelt ginn, andeem empiresch Resultater zum Sproochgebrauch vu Jugendleche virleie sollen.

## Opklärung iwwer d'Etüd

Mäi Projet befaasst sech mat der Lëtzebuerger Jugendsprooch op WhatsApp. D'Zil vun der Etüd ass et, authentesch Noriichteverleef aus WhatsApp linguistesch ze analyséieren. Dat funktionéiert unhand vun enger sougenannter Spend vun Äre selwer ausgesichte WhatsApp-Chats, déi Dir mengem Fuerschungsprojet zur Verfügung stellt.

Follgend Viraussetzunge musst Dir erfëllen, fir un dësem Projet deelzehuelen: tëscht 12 a 19 al sinn, Lëtzebuergeschkenntnisser hunn a WhatsApp am Alldag notzen.

## Är Awëllegung fir d'Participatioun um Fuerschungsprojet


Är Participatioun un dësem Fuerschungsprojet ass fräiwëlleg. Dir kënnt jidderzäit an ouni Angab vu Grënn dës Zoustëmmung schrëftlech widderruffen, ouni dass sech dësen Entschloss

negativ op Iech auswierke wäert. Fir d’Participatioun musst Dir eng Dateschutz- an Awëllegungserklärung[1] ënnerschreiwen.

## Oflaf vun der Etüd

Är Chats ginn op MoCoDaLux (Mobile Communication Database Luxembourg), eng Datebank fir d‘Archivéierung vun elektronesche Kuerznochriichten (kuckt hei https://mocoda.lu fir weider Informatiounen) eropgelueden, déi vun Iech anonymiséiert a pseudonymiséiert ginn, éier se un de Projet gespent ginn.

Dir kënnt vun doheem aus matmaachen. Wichteg ass, dass Dir d’Informatiounsschreiwes ënnerschriwwen eropluet, soss ass Är Spend ongülteg. D’Informatiounsschreiwes kënnt Dir ënnert follgendem Link eroflueden: https://www.mocoda.lu/c/input. Nodeems Dir Ären Chat anonymiséiert a pseudonymiséiert hutt, kommt Dir op dës lescht Säit:




Hei sollt Dir den ënnerschriwwenen Accord eroplueden an den Chat duerno spenden.

An enger weiderer Phas wäert ech mat engem méi klenge Grupp vu Jugendlechen Interviewe féieren, fir Reflexiounen zum eegene Schreifstil ze kréien. Zu engem spéideren Zäitpunkt gitt Dir an engem anere Schreiwes vu mir fir eng weider Participatioun kontaktéiert, déi, gradesou wéi déi heiten, fräiwëlleg ass.

---

[1] Participatioun vu Mannerjäregen: e*eng gesetzlech*e Vertrieder*in muss d‘Awëllegung ënnerschreiwen
Participatioun vu Volljäregen: Volljäreger kënnen d‘Awëllegung selwer ënnerschreiwen

## Vertraulechkeet a Schutz vun de persounebezunn Daten

Är persounebezunn Date ginn am Kader vun dëser Studie erfaasst an analyséiert, fir déi wëssenschaftlech Ziler vun der Etüd ze erreechen. Nodeem Dir Är Daten anonymiséiert a pseudonymiséiert hutt, wäerte keng Réckschlëss op konkreet Persoune méi méiglech sinn. Am Kader vun den op der Universitéit Lëtzebuerg getraffe Moossname ginn Är Date streng vertraulech behandelt an net un Drëttpersoune weiderginn, mee déngen nëmme wëssenschaftleche Fuerschungszwecker. Är perséinlech Daten, déi Dir am Kader vum Fuerschungsprojet ugitt, gi geméiss vun der *General Data Protection Regulation* (GDPR) an dem lëtzebuergesche Gesetz vum 1. August 2018 zum Dateschutz behandelt. D'rechtlech Basis fir d'Veraarbechtung vun Ären Daten am Kader vun dësem Fuerschungsprojet ass am Artikel 6 (1) e) vum GDPR ze fannen: „d'Veraarbechtung ass fir d'Duerchféiere vun enger Aufgab noutwendeg, déi am ëffentlechen Interessi läit".

## Wien ass verantwortlech fir d'Veraarbechtung vun Ären Daten?

D'Dateresponsabel (Fuerscherin) ass verantwortlech fir d'Veraarbechtung vun Ären Daten duerch d'Universitéit Lëtzebuerg, eng ëffentlech Héichschoulariichtung mat Sëtz zu 2, avenue de l'Université, L-4365 Esch-sur-Alzette, Luxembourg, an handelt fir d'Fakultéit vun de Geeschteswëssenschaften, Erzéiungswëssenschaften a Sozialwëssenschaften a fir d'Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft.

Fir all Froe bezüglech der Veraarbechtung vun Ären Date kënnt Dir zousätzlech d'Saachbeaarbechter*inne vum Dateschutz vun der Universitéit Lëtzebuerg ënner follgend Adresse kontaktéieren:

per E-Mail:
dpo@uni.lu

per Post:
UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG
Délégué à la protection des données
Maison du Savoir
2, Avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

## Wéi schütze mir Är perséinlech Daten?

Fir Är Date vertraut ze behandelen, gitt Dir bei der Datenanalys a bei all Verëffentlechung vun de Resultater nëmmen opgrond vun engem Pseudonym identifizéiert. D'Participatioun ass anonym, allerdéngs kënnt Dir Är Kontaktdaten uginn, déi separat gespäichert ginn. Zum

Zweck vu follgend Studie kënnt Dir vun der Fuerscherin kontaktéiert ginn, allerdéngs musst Dir Ären Numm net uginn.

## Wéi laang ginn Är perséinlech Date gespäichert?

Déi anonymiséiert a pseudonymiséiert Date gi laangfristeg versuergt an déngen als wäertvoll Ressource fir d'wëssenschaftlech Fuerschung. Nom Ofschloss vun dësem Projet wäert den Haaptermëttler, Peter Gilles, d'Kontroll iwwer de Korpus hunn, deen op engem Server vun der Universitéit gespäichert an net ëffentlech gemaach gëtt. Dat ass onbedéngt noutwendeg, fir d'Daten ze schützen, déi mat engem grousse finanziellen Opwand gesammelt ginn a fir d'Jugendsproochfuerschung zu Lëtzebuerg vu grousser Bedeitung sinn.

## Wéi eng Date sammelen a veraarbechte mir?

1. Text- a Sproochnoriichten (anonymiséiert, pseudonymiséiert)
2. Soziodemografesch Daten:
    - Alter,
    - Geschlecht,
    - Nationalitéit(en),
    - Sproochkenntnisser,
    - Héchste Bildungsofschloss,
    - Wunnuert (Kanton).
3. Audioopnamen, falls Dir um Interview deelhuelt

Et ginn all noutwendeg Verfaren a Precautiounen ergraff, fir d'Vertraulechkeet vun de Participanten ze schützen.

## Wien huet Zougrëff zu den Daten a wie ka se gesinn?

Déi eenzeg Persoune mat Zougrëff op d'Date sinn d'Melissa MUJKIĆ (Doktorandin) an de Peter GILLES (Professer a Betreier).

Ling·data, mat Sëtz an der Mühlenstr. 67, D-59348 Lüdinghausen, Deutschland, ass de relevante Prozesser, deen d'gesammelt Date veraarbecht. **D'Aart vun der Veraarbechtung** ëmfaasst:

- Erfaassung, Späicherung an Analys vun anonymiséierten a pseudonymiséierten Text- a Sproochnoriichten, a soziodemografesch Date vun de Participanten iwwer eng lizenzéiert a net ëffentlech zougänglech Datebank („Mobile Communication Database", e Fuerschungsdatebanksystem fir d'Archivéierung vun Text- a Sproochnoriichten)
- D'Erfaassung erfollegt duerch direkt Interaktioune mat de Jugendlechen (Workshops an de Jugendhaiser zu Lëtzebuerg oder op der Universitéit Lëtzebuerg).

## Ginn d'Daten ausserhalb vun der EU verschéckt?

Nee, Är Date ginn ausschliisslech an der EU behandelt.

## Wat sinn Är Rechter am Kader vum GDPR?

Dir hutt d'Recht, Zougréff zu Ären Daten ze kréien a se ze korrigéieren. A verschiddene Fäll a geméiss den am GDPR festgeluechte Bedéngungen (règlement (UE) 2016/679) hutt Dir och d'Recht, Iech géint d'Veraarbechtung vun Ären Daten ze wieren, d'Läschung unzefroen, verschidde Beräicher vun der Veraarbechtung ze limitéieren an d'Daten zeréckzekréien, fir se un Drëttpersounen ze verschécken (droit à la portabilité des données).
Fir Är Rechter auszeüben, kontaktéiert d'Fuerscherin an hire Virgesetzten. Si wäerte sech ëm d'Zesummenaarbecht mat de Saachbeaarbechter*inne vum Dateschutz vun der Universitéit Lëtzebuerg beméien, fir Är Ufro ze beaarbechten. Dir kënnt och d'Saachbeaarbechter*inne fir Dateschutz vun der Universitéit Lëtzebuerg ënner déi uewe genannten Adresse kontaktéieren, déi sech mat de verantwortleche Fuerscher*innen a Kontakt setzen.
Dir hutt och d'Recht, eng Doleance bei der Commission nationale pour la protection des données (CNPD) du Luxembourg anzereechen. Méi Informatioune fannt Dir ënner: http://www.cnpd.lu. Ausserdeem kënnt Dir mat Hëllef vu follgendem Kontaktformular d'Kommissioun kontaktéieren: https://cnpd.public.lu/fr/support/contact.html.

# AVERSTÄNDNISERKLÄRUNG
# VUM*VUN DER FUERSCHUNGSPARTICIPANT*E

**Titel vum Fuerschungsprojet**: Variatiounslinguistesch Ënnersichungen zur Lëtzebuerger Jugendsprooch. Eng Analys vu Gebrauchsstrukturen a Messenger-Interaktiounen

**Akronym vum Fuerschungsprojet:** WHATSEBUERGESCH

Ech si vum **Melissa MUJKIĆ** schrëftlech iwwer d'Aart esouwéi déi méiglech Follgen a Risiken vun der Studie am Kader vum uewe genannte Projet opgekläert ginn an hat genuch Geléigenheeten, all Froen ze klären.

Ech sinn doriwwer informéiert ginn, dass ech meng Awëllegung jidderzäit ouni Angab vu Grënn an ouni negativ Follge fir mech widderruffe kann. Ausserdeem kann ech enger Weiderveraarbechtung vu menge Date widderspriechen esouwéi där Läschung verlaangen.

Ech sinn domat averstaanen, dass déi am Kader vun der Studie erhuewen Daten zu menger Persoun ausschliisslech zu wëssenschaftlechen Zwecker verwent a geméiss de Bestëmmunge vum Dateschutzgesetz streng vertraulech behandelt ginn.

PARTICIPANT*E

Nonumm: ______________________ Virnumm: ________________________

Gebuertsdatum: ______________________

Uert & Datum: _______________________________________

Ënnerschrëft vum*vun der Participant*e: ________________________________________

E-Mail-Adress: _______________________________________

GESETZLECHE*T VERTRIEDER*IN (falls zoutreffend)

Nonumm: ______________________ Virnumm: ________________________

Täteg als[2]: ________________________________

Uert & Datum: _______________________________________

Ënnerschrëft vum*vun der Erzéiungsberechtegt*en: _________________________________

FUERSCHERIN

Ech hunn den*d’uewe genannt*e Participant*e schrëftlech iwwer d‘Aart souwéi déi méiglech Follgen a Risike vun der Studie informéiert an him d‘Méiglechkeet ginn, Froen ze stellen. Doriwwer hinaus krut de*d’Participant*e eng Kopie vum Informatiounsschreiwes a vun der Averständniserklärung.

Numm: Melissa MUJKIĆ

Uert & Datum: Belval, 15. Mai 2023

Ënnerschrëft vun der Fuerscherin: Mujkić Melissa ______________________

[2] z. B. Elterendeel, Betreier*in, Tuteur*rice, Fleeger*in